N°1714
Entrée le 27.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n°1714 vum 30. Dezember 2024 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Arrêt vum séieren Tram zu Steebrécken**

Den honorabelen Deputéierte freet a senger parlamentarescher Fro firwat een Arrêt vum séieren Tram zu Wickreng/Steebrécken virgesinn ass.

Am Abrëll 2024 hunn ech eng "Étude d'opportunité" bei Luxtram an Optrag ginn, fir mat fundéierten Argumenter op d'Fro ze äntweren op et Sënn mécht zu Wickreng/Steebrécken en Arrêt vir ze gesinn. Dës Fro war och schonn ëmmer nees an der vireger Legislaturperiod opgeworf ginn. Et war mir dofir wichteg op Basis vu fundéierten an sachlechen Elementer zu enger Entscheedung ze kommen.

Am Virfeld vun dëser Etude gouf de 17. November 2023 eng Visite sur place vu Luxtram um Chantier vum Projet organiséiert, dat fir d'Strukturdaten vum Projet besser kënnen ze bewäerten. Dobäi ass kloer ginn, dass d'Konzept vum Projet sech wesentlech weiderentwéckelt huet. Nieft den existente Commerce op der Dräikantonsstrooss zu Wickreng sinn elo zousätzlech Entwécklunge virgesinn: 3 000 - 4 000 nei Aarbechtsplazen, een Hotel mat 133 Zëmmeren, 150 Wunnengen, eng Eventhal vun 1 300 m², ee Contrôle technique fir Autoen, an eng Rei Restauranten a "Commerces de détail". Déi nei Infrastrukture bedeiten net nëmme méi Aarbechtsplazen, mee och e wesentlech méi héije Flux vu Visiteuren an der Regioun.

D'Resultater vun der "Étude d'opportunité" louchen am September 2024 vir. Dës goufen am Kader vun engem "Comité politique" am Austausch mat de Buergermeeschteren a Mobilitéitsschäffen aus de betraffene Gemengen (Suessem, Esch/Uelzecht, Schëffleng, Monnerech, Recken/Mess, Leideleng a Stad Lëtzebuerg) analyséiert. Opgrond vun dëser Etude an den Diskussioune gouf den 23. September 2024 decidéiert, eng detailléiert Etude ze lancéieren, fir een Tramsarrêt zu Steebrécken mat enger Busgare fir d'Uertschafte Bierchem, Steebrécken, Wickreng, Éileng a Recken/Mess ze plangen.

D'Aarbechten um Echangeur Steebrécken goufen 2008 mam Verleeën vun der Tankstell a Richtung Stad lancéiert (Optragneemer: LuxTP S.A.). 2015 gouf dunn d'Tankstell a Richtung Esch-Uelzecht gebaut (Optragneemer: Baatz Constructions S.à r.l.) an am Joer 2018 goufen zwou nei Ënnerféierungen ënnert der Autobunn A4 realiséiert (Optragneemer: Tralux S.à r.l.).

De Bau vun enger neier Autobunns - Opfaart an - Offaart op der Säit vu Steebrécken an vun der Autobunnsopfahrt a Richtung Stad gëtt vun der Firma Félix Giorgetti S.à r.l. realiséiert.

Bei den ëffentlechen Ausschreiwungen huet dës Baufirma déi gënschtegst Offeren ofginn, an deemno och hei den Zouschlag krut.

Lëtzebuerg, den 27. Januar 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes